REÇU le
05 SEP. 2025
Rép : ...

CSV SANDWEILER
sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 5. September 2025

**Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 10. September 2025**

Madamm Buergermeeschtesch,
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengerotsmemberen erlaben sech Iech follgend Fro'en ze stellen an hoffen ob eng Äntwert am Gemengerot vum 10.09.2025. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loossen, biede mir Iech an der Suite ons Är Äntwerte schrëftlech zoukommen ze loossen.

**Fro 1:**

Op eng parlamentaresch Froe betreffend dem Bau vun engem neie Kontrollturm um Findel, schreift Madame Ministesch Yuriko Backes an hirer Äntwert vum 28.07.2025 dass dofir e Site um Territoire vun der Gemeng Sandweiler geplangt war.

- Kennt Dir ons un Hand vun engem Plang weise wou genau dat geplangt war?

Laut Aussoe vun der Mme Ministesch Yuriko Backes kann dësen Tuerm net gebaut ginn, well et "une bonne dizaine d'années" géing dauere fir den Demanden vun der Gemeng Sandweiler gerecht ze ginn.

- Wat genau waren dem Schäfferot seng Fuerderungen?

**Fro 2:**

Wéi vill Geld huet d'Gemeng Sandweiler an de leschte 24 Méint ausginn un "Honoraires d'avocats"

- am Zesummenhang mat der Z.I. Rolach?
- am Zesummenhang mat Personaldossieren?

**Fro 3:**

Op den Terrain'e vum geplangte PAP "op dem Kapellebierg - am ënneschte Schrëndel" sinn déi leschte Woche Buerungen duerchgefouert ginn.

- Wat ass de Grond d'vun deene Buerungen?
- Ass de Schäfferot informéiert ob dee Projet an nächster Zäit starte soll?

**Fro 4:**

Säit den Nominatioune vun de Membere vun den diversen "Commissions consultatives" Enn 2023 hunn a verschiddenste Kommissiounen onsen Informatiounen no eng Rëtsch Member demissionéiert.

- Wéi vill Memberen hu pro Kommissioun demissionéiert?
- De Gemengerot huet d'Member nominéiert. Wisou gouf de Gemengerot bis elo net iwwer d'Demissiounen informéiert?
- Plangt de Schäfferot déi Platzen nees nei auszeschreiwen?

Romain DUMONG
Conseiller

Jean LEMMER
Conseiller

Simone MASSARD-STITZ
Conseillère